


Pour chaque jour de l'année, ce calendrier vous apporte une expression ou un proverbe typique de la langue luxembourgeoise.
La sélection, en rapport avec la flore a été réalisée par S. Clesse, avec l'aide du dictionnaire et d'après l'usage actuel.
Sur chaque page vous découvrirez des reproductions de cartes anciennes, à thème végétal de l'Arelerland.
Nos remerciements vont à toutes les personnes qui ont aidé à la réalisation et à la diffusion du présent document.
(Cartes anciennes : Coll. G. Thommes)

# Volleks Kalenner fir d'Jor 1998

Ce calendrier a été réalisé et édité par ARELERLAND A SPROOCH,
association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise

Photo de couverture : Clairefontaine - Badebuurg - Bardebuurg
D'Bernhardiner Abtei virun der Zerstéierong vun de Franséisesche Révolutionären an 1794.




AREL - ARLON : An der Spetz - Les Quatre-Bras (gestempelt an 1912)

AREL LAND A SPROOCH


*WIEDERREGELEN :*
*-Dat Holz dat an de Lousdeeg gehae gët kritt de Wuurm nët (24 Dez-6 Jan) a wann et Birebam wir !*
*-Vill Bromä gët vill Äppel!*

DAGLÄNGT :
de 4. - 8 Stonnen an 39 Min.
de 25. - 9 Stonnen an 18 Min.

**1998**

# Januar - Haartmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Den Apel rullt nët wäit vum Bam | **Neijooschdag** |
| Freideg | 2 | Edem an Eiv waren zwéin Äppeldéif! | |
| Samschdeg | 3 | E verfollten Apel stécht déi aner un | **Genoweva** |
| **Sonndeg** | **4** | Wann den Apel zeideg as da fällt e vum Bam | |
| Méindeg | 5 | Wien den Apel schielt, ësst en nit ëmmer | **Eduard** |
| Daaschteg | 6 | En ugebassenen Apel hält sech nit | **Dräikinneksdag** |
| Mëttwoch | 7 | D'Äppel hun elo gëlle Schwänz | |
| Donneschteg | 8 | Et as keen Apel esou rouserout, en huet e falsche Kär | |
| Freideg | 9 | Andilje mat Lënsen as Bauerekascht | |
| Samschdeg | 10 | Besser den Aascht fält ewéi de Bam | **Jesusdeefong** |
| **Sonndeg** | **11** | Den Aascht fällt nit wäit vum Bam | **Paulinus** |
| Méindeg | 12 | En huet sech op de faulen Aascht gesat | |
| Daaschteg | 13 | Et kann emol eng blann Sau eng Äächel fannen! | |
| Mëttwoch | 14 | Et as derfir gesuergt dass d'Beem nit an den Himmel wuessen | |
| Donneschteg | 15 | Esou laang de Bam bléit, dréit en nach | **Rëmi** |
| Freideg | 16 | En dire Bam dréit nit | **Marssël** |
| Samschdeg | 17 | E gesäit vun elauter Bäm de Bësch nët méi | |
| **Sonndeg** | **18** | Op den éischten Ha fält kee Bam | |
| Méindeg | 19 | De Bauer as eppes wéi e Weidentrauscht, hat en of, e schléit erëm zu alle Säiten aus ! | |
| Daaschteg | 20 | Wann d'Mäis sat sin as d'Miel batter | **Baschtianisdag** |
| Mëttwoch | 21 | D'Biirkebäm droe keng Äppel ! | **Agnis** |
| Donneschteg | 22 | En as Holz siche gaang, besser wéi Bichenholz, an en as nach nit erëm | |
| Freideg | 23 | Wou et Bire gët, do gët et och Knëppelen | |
| Samschdeg | 24 | E gesäit u senge Bire wann deen aner hir zeideg sin | |
| **Sonndeg** | **25** | D'Männer si geckeg wann d'Häd bléit | **Paulus Bekéirong** |
| Méindeg | 26 | Wann de Ginz bléit da sin d'Fraleit geckeg | **Timotéi** |
| Daaschteg | 27 | Et huet e ganze Blummegaart um Hutt ! | **Angèle** |
| Mëttwoch | 28 | Uewenerëm e Blummekranz, ënner de Läpp nit ganz | **Tommes** |
| Donneschteg | 29 | KANNERREIM : Hei kommen dräi Kinneken aus dem Muergeland<br>Mat engem Stär aus Gotteshand. Alleluja ! Alleluja ! | |
| Freideg | 30 | Den hënneschten huet de Läpp verbrannt. Alleluja ! Alleluja ! | |
| Samschdeg | 31 | ABC, d'Kaz sëtzt am Stréi,<br>Den Hond leeft no, 't as keng Kaz méi do ! | **Mutien-Marie** |



ALENUEWEN - VIVILLE : D'Lampachermillen - Moulin Lampach (Virun 1914)

*WIEDERREGELEN :*
*- Et as nët gutt wann d'Wieder op en diren Aascht schléit.*
*- Wann d'Käzercher fréi bléien, da gët eent zäitegt Jor.*

DAGLÄNGT :
den 1. - 9 Ston. an 37 Min.
den 22. - 10 Ston. an 41 Min.

**1998**

# Februar - Spiirkel

## Kazemount - Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | Si iwerspréngt d'Bauscht fir den Halem ze kréien | Brigide |
| Méindeg | 2 | D'Fuurcht hidd de Bësch | **LIICHTMESDAG - FUESENT** |
| Daaschteg | 3 | De Bësch huet Oueren an d'Gewan Aen | **Bläs** |
| Mëttwoch | 4 | Wéi een an de Bësch rifft, esou schelt et eraus | **Gilbert** |
| Donneschteg | 5 | Den Honger dreift de Wollef aus dem Bësch | **Agätt** |
| Freideg | 6 | D'Biren sin nach nit zeideg ! Wëlls d'eng vu Viirzejor ? | **Dor** |
| Samschdeg | 7 | Gromperen a Brach rubbelt am Lach | **Rischar** |
| **Sonndeg** | **8** | Vun Zalot a Brach kritt een Schong an Huese gutt un | **Jherom** |
| Méindeg | 9 | Deng Saach as Brach ! An déng Kabes ! | **Appelin** |
| Daaschteg | 10 | Et war esou zaart, 't hätt een et kënne mat enger Bréim zerräissen | |
| Mëttwoch | 11 | Se schaffe nët eng Bréimchen ! | **Léif Fra vu Lourdes** |
| Donneschteg | 12 | En huet e Briet virum Kapp | **Dammes** |
| Freideg | 13 | Hien as steif wéi e Briet | **Béate** |
| Samschdeg | 14 | Hatt as platt ewéi e Briet | **Zirill** |
| **Sonndeg** | **15** | Deem enge säin Dout, deem anere säi Brot | **Fausti** |
| Méindeg | 16 | Brout op Brout gët keng Schmier | **Jhull** |
| Daaschteg | 17 | Botter vun enger Stonn, Brout vun engem Dag gët eng gutt Schmier | |
| Mëttwoch | 18 | Schneid d'Brout gläich da gës de räich ! | **Bernadette** |
| Donneschteg | 19 | Speck a Brout schléit den Honger dout | |
| Freideg | 20 | Anerleits Brout schmaacht ëmmer besser | |
| Samschdeg | 21 | D'Léier ësst kengem d'Brout | **Pater Damien** |
| **Sonndeg** | **22** | Mäi Brout as gebak, sot den Heeschepak | |
| Méindeg | 23 | Si hun d'wäisst Brout virum schwaarze giess ! | |
| Daaschteg | 24 | E verkääft sech d'Brout aus dem Schaf | **FUESDAASCHTEG - Mathais** |
| Mëttwoch | 25 | E gët et fir en Apel an eng Kuuscht | **ÄSCHEMËTTWOCH - FAASCHTEN** |
| Donneschteg | 26 | En huet e Gesiicht wéi wann der Däiwel lerbessen drop gedräsch hätt | |
| Freideg | 27 | AFZIELREIM : Inni, dinni, Gässelchen, do uewe steet e Schlässelchen ! | |
| Samschdeg | 28 | Do wunnen dräi Madammen drann, | |
| | | Déi kucken all de Bierg eran ! | |
| | | Maus komm eraus. Du bas aus ! | |




SCHADECK : Den Institut Molitor (gestempelt an 1914)

ARELER LAND A SPROOCH


*WIEDERREGELEN*
*- Kar a Wëllker gin a liichter, ma de Weess a steifer Scholl.*
*Koul a Giescht dei ma Gesiichter stin se nët a fetter Moll*
*- Den Hond frësst Gras, 't gët Reen !*

DAGLÄNGT :
Den 1. - 11 Ston. a 4 Min.
Den 29. - 12 Ston. an 39 Min.

**1998**

# Mäerz - Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | Geent d'Dommheet as kee Kraut gewues | **OUNESONNDEG** |
| Méindeg | 2 | Dommheet a Boussecht wuessen op engem Dar | **Hari** |
| Daaschteg | 3 | E mecht e Gesiicht wéi en Essegfaass | **Kunigunde** |
| Mëttwoch | 4 | En as ewech geflunn ewéi eng Quetsch | **Kasimir** |
| Donneschteg | 5 | En huet eng Faarf ewéi eng Kiischt | Irene |
| Freideg | 6 | Et as falsch ewéi Galgenholz | |
| Samschdeg | 7 | Hänkt e Wësch Far an d'Stuff fir d'Mécken ze fänken | |
| **Sonndeg** | **8** | Et as zesumme gaang wéi Flatschmous | **BOUNESONNDEG** |
| Méindeg | 9 | Et hat Hoer ewéi Fluess | **Franziska** |
| Daaschteg | 10 | Looss déi Gaarf fir den aame Jhang | **40 Martyren** |
| Mëttwoch | 11 | E wiisst ewéi zeideg Giescht ! | |
| Donneschteg | 12 | Dee léisst sech d'Gras ënnert de Féiss ewech schneiden | |
| Freideg | 13 | Looss emol Gras iwert déi Affär wuessen | **Eufrasie** |
| Samschdeg | 14 | D'Aen gin der nach op wéi Ginseschäken | **Mathilde** |
| **Sonndeg** | **15** | Deen héiert d'Gras wuessen an d'Fléi houschten ! | **KROUNESONNDEG** |
| Méindeg | 16 | Et wiist hir kee Gras ënnert de Féiss | **Benedikte** |
| Daaschteg | 17 | Wou deen hintrëtt do wiisst kee Gras méi | **Patrick** |
| Mëttwoch | 18 | Wou Gras wiisst do wuessen och soss aner Saachen | |
| Donneschteg | 19 | D'Gras gët em giel ënnert de Féiss | **Jousefsdag - Jupp** |
| Freideg | 20 | Dee miss Gréngs glëschten dee Raupe fréiss ! | **FREIJOR - (um 20.55 A.)** |
| Samschdeg | 21 | Fir dat ze maachen do muss een awer Gréngs glëschten | |
| **Sonndeg** | **22** | Grimmelen sin och Brout | **HALLEFFAASCHTESONNDEG** |
| Méindeg | 23 | Gëf dech der Kaz a grimmel dech den Hénger | |
| Daaschteg | 24 | Grompere kréie mer och doheem z'iessen ! | **Katherina** |
| Mëttwoch | 25 | Vun de Grompere kritt een de Réck wéi | |
| Donneschteg | 26 | Wann d'Gromperen eraus geholl gin da gin och dee meescht giess ! | |
| Freideg | 27 | Et muss een eiser Härgott och fir déi kleng Grompere Merci soen | |
| Samschdeg | 28 | Fal nët op d'Gromper soss briechen d'Kéngen! | |
| **Sonndeg** | **29** | Eng Fro : Wéi geet et ? Esou op an af wéi d'Flou am Hiem | **ELLESONNDEG** |
| Méindeg | 30 | WIIRDERSPILL : D'Fra vun uewen handelt mat Ënnen | |
| Daaschteg | 31 | An de Mann vun ënnen handelt mat Uewen | |




ATTEM - ATHUS : D'Dränk an d'Jongeschoul - L'abreuvoir et l'école des garçons.
(gestempelt an 1907)

ARELER LAND A SPROOCH

*- Setz mech am Abrëll da kommen ech wann ech wëll (Gromperen)*
*- Wann et an d'Blei reent da gët keen Uebst.*
*- Wann de Guckuck rifft, soll ee sech am jonke Klei wänzelen, dat bréngt Gleck !*

DAGLÄNGT
de 5. - 13 Ston. an 2 Min.
den 26. - 14 Ston. an 10 Min.

**1998**

# Abréil - Gecksmount
## Fréiling

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | D'Holz as nët ausgewues, da gët et keen Usaz fir d'Drauwen | |
| Donneschteg | 2 | Et hëlt zou wéi d'Holz am Bësch ! | **Franz** |
| Freideg | 3 | De Beschte Versuerg fir d'Geld as nach ëmmer d'Holz | |
| Samschdeg | 4 | Jidder Spiecht kennt säin Holz ! | **Iss** |
| **Sonndeg** | **5** | Et reent ! De Pällem gët geseent ! | **PÄLLEMSONNDEG** |
| Méindeg | 6 | D'Huewer lueft een nëmmen eemol, am Som oder am Schued | |
| Daaschteg | 7 | D'Kar an d'Moll, de Weess an d'Scholl, d'Huewer an de Pull setz de Bauer op de Stull | |
| Mëttwoch | 8 | Elo geet d'Kou an d'Huewer | **Jhulli** |
| Donneschteg | 9 | Et as esou stëll et kéint ee Kléisom séinen | **GRENGENDONNESCHTEG** |
| Freideg | 10 | Et gët een däers esou midd, wéi de kalen Ierzen | **KUERFREIDEG** |
| Samschdeg | 11 | Der Däiwel huet d'Ierzen op em gedresch | **KUERSAMSCHDEG - Stanislas** |
| **Sonndeg** | **12** | Si gläiche sech wéi d'Ierzen an der Scheck | **OUSCHTERDAG - Jhull** |
| Méindeg | 13 | De Kabes muss zweemol gefett gin : am Steck a wann een e Kacht | |
| Daaschteg | 14 | Déi kleng Kanner wuessen am Kabes | **Lidwine** |
| Mëttwoch | 15 | Déi Päerd déi Huewer verdéngen, déi kréie se meeschtens nët | |
| Donneschteg | 16 | Wat steet an der Zeidong ? Ëmmer de selwechte Kabes ! | |
| Freideg | 17 | Fréier hun d'Bauerefraen de Botterweck an e Kabesblat gewéckelt | |
| Samschdeg | 18 | Deen huet e Kapp wéi eng Holzhä | |
| **Sonndeg** | **19** | En hat Ouere wéi e Kabesblat | **WÄISSENOUSCHTERDAG** |
| Méindeg | 20 | Et huet e Kapp, 't kéint een Bounestachen drop setzen | |
| Daaschteg | 21 | Deen huet Huwelspéin am Kapp ! | **Anselme** |
| Mëttwoch | 22 | Mat deem sengem Kapp kéint ee Péil an de Buedem schloen | |
| Donneschteg | 23 | Dat as eng aner Kar Holz ! | **Jhorsch** |
| Freideg | 24 | En huet vill am Kapp a wann et och Stréi as | |
| Samschdeg | 25 | En huet eng rau Schuel awer e gudde Kär ! | Markus |
| **Sonndeg** | **26** | Mat deem as nët gutt Kiischten iessen, hie léisst engem knaps d'Kären | |
| Méindeg | 27 | KANNERREIM : Bauer, Bauer, bréng ons Kar ! | |
| | | D'Kar gi mer dem Mëller ! | |
| Daaschteg | 28 | De Mëller mécht ons Miel | |
| | | D'Miel gi mir dem Bäcker ! | |
| Mëttwoch | 29 | De Bäcker mécht ons Brout. | |
| | | D'Brout gi mer den henger ! | |
| Donneschteg | 30 | D'Henger léen ons Äer. | |
| | | D'Äer gi mer verkafen. (an d'Dubbele gi mer versaufen). | |



GIISCH - GUIRSCH : Den Agang vum Schlass - Entrée du château (ëm 1950)

ARELER LAND A SPROOCH


*WIEDERREGELEN*
*- Wann d'Laf virum Bleien do as, da gët et keen Uebst.*
*- Wann den Hodar bleit as keng Fraschtgefor méi.*

DAGLÄNGT
den 3. - 14 Ston. an 31 Min.
den31. - 15 Ston. an 36 Min.

**1998**

# Mee - Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | «Wann» as e laangt Kraut ! | **AARBECHTSFEST - Jousef** |
| Samschdeg | 2 | Wann de Wann nit wir da wir d'Huewer méi schei | |
| **Sonndeg** | **3** | D'Nues lääft em wéi en Uelegsbur | **Flëpp a Jhak** |
| Méindeg | 4 | «Wien et laang huet, léisst et laang hänken», sot den Ellespill, du huet hien de Wisbam nogeschlääft | |
| Daaschteg | 5 | Wann d'Laf do as soll ee nit un d'Beem schneide goen | |
| Mëttwoch | 6 | D'Lanne bléien nëmmen ee Jor iwert d'anert | |
| Donneschteg | 7 | Et as nët emol esou déck wéi eng Lëns | **Gisela** |
| Freideg | 8 | E Beieschwaarm am Mä as wäert e Fudder Hä | **V-Dag 1945** |
| Samschdeg | 9 | D'Oktav as de Stater hiren Heemount | |
| **Sonndeg** | **10** | Se huet en Häerz mëll ewéi Botter | **MAMMENDAG (B)** |
| Méindeg | 11 | Märesercher schenke gët Sträit | **Emmel** |
| Daaschteg | 12 | Däers Miel gët däers Pangech | **Pancrace** |
| Mëttwoch | 13 | Dee kéiert sech ewéi e Mielsak ! | **Servais** |
| Donneschteg | 14 | En danzt ewéi e Mielsak ! | **Bonifacius** |
| Freideg | 15 | Dat Meedchen as jo an e Mielsak gefall ! | **Soffi** |
| Samschdeg | 16 | Aus engem schwaarze Sak kann ee kee wäisst Miel huelen | |
| **Sonndeg** | **17** | Mielbräi muss sou eng haart Haut kréien dass ee kéint eng Laus drop kräcken | |
| Méindeg | 18 | Hien as emgeschloen wéi ee Mielsak | |
| Daaschteg | 19 | Dat geet wéi an der Millen, uewen eran, ënnen eraus ! | **Yw.** |
| Mëttwoch | 20 | Jäitz nët esou ! Ech si nit an enger Millen op d'Welt koum ! | |
| Donneschteg | 21 | Dat as Waasser op seng Mille gekéiert ! | **CHRISTIHIMMELFAARTSDAG** |
| Freideg | 22 | E war Monter wéi ee Vull um Räis | Emil-Rita |
| Samschdeg | 23 | Komme se, da komme se nit ! Komme se nit da komme se. (Dauwen an Lënsen) | |
| **Sonndeg** | **24** | Wat hëlleft de Moschtert wann ee kee Fleesch huet ? | Vincent |
| Méindeg | 25 | Deen den éischten an d'Mille geet, kritt fir d'éischt gemuel ! | |
| Daaschteg | 26 | Dee läit am Moschtert ! En huet kee roude Su méi ! | Flëpp |
| Mëttwoch | 27 | Märeenchen fal siddlech a frësch op Gaarden a Bësch | August |
| Donneschteg | 28 | KANNERWONSCH : Märeenche, fal op méch da wuessen ech ! | |
| Freideg | 29 | KANNERREIM - Margréitchen, wuer gees du ? Blumme pläcken, do weess d'et ! | |
| Samschdeg | 30 | KANNERZIELEN - (mat de wäisse Blieder vun der Margréitchen | |
| **Sonndeg** | **31** | Himmel - Hell - Feegfeier - Kapell ! oder : kafft - geléint - geschenkt - gestuel ! | **PÄISCHDAG** |




TONTEL - TONTELANGE : D'Schmëdd - La forge (gestempelt an 1914)

ARELER LAND A SPROOCH

*WIEDERREGELEN*

*- Wéi Zerläichendag d'Lëtschen dréchenen, sou dréchent d'Hä.*

*- D'Gromperen däerfen nët geheicht gin dräi Deeg viru Gehaansdag an dräi Deeg derno.*

DAGLÄNGT :
de 7. - 15 Ston. a 46 Min.
den 28. - 15 Ston. an 52 Min.

**1998**

# Juni - Broochmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Bei deene wiist de Grumm an d'Hee | **Bittgang op Guisch (H. Willibrord)** |
| Daaschteg | 2 | De wollef frësst keen Hee | **Sprangprozessioun zu Iechternacht (H. Willibrord)** |
| Mëttwoch | 3 | De Grumm as wéi d'Véierauerbrout, wann een e kritt dann hëlt een en | |
| Donneschteg | 4 | Et as näischt iwert d'Gromperen, sot de Mann | Clothilde |
| Freideg | 5 | An et kéint och näischt driwwer, sot d'Fra | |
| Samschdeg | 6 | Wa keen Hee gët da gët alt Huewer | Norbert |
| **Sonndeg** | **7** | Mat der Zäit mécht een Hee | DRÄIFALTDEGKEET |
| Méindeg | 8 | Ee fudder Grumm as esouvill wäert wéi zwee Fudder Hee | Muerder |
| Daaschteg | 9 | Geschnidden Holz a gerappten Hee fënt geschwënn säin Här | |
| Mëttwoch | 10 | Wien am Hee nit guewelt an am Kar nit struewelt, am Hierscht nit fréi opsteet | |
| Donneschteg | 11 | Dee ka kucke wéi de Wanter geet | **Barnabé** |
| Freideg | 12 | E géif nach léiwer Hee friesse wéi dat maachen | |
| Samschdeg | 13 | En as mat Mëtschen a Kéichelcher gefiddert gin ! | **Touni** |
| **Sonndeg** | **14** | E geheit alles duurchernee wéi Hee a Stréi | **Zerläichendag - Pappendag (B)** |
| Méindeg | 15 | Ech wéilt e séiz op der Häd op engem dire Bam ! | **Germaine** |
| Daaschteg | 16 | D'Welt as een Heeknapp, deen am meeschtendru rappt, huet am meeschten | |
| Mëttwoch | 17 | Wéi den Hiélenter bléit, sou bléien och d'Riéwen | **Hervé** |
| Donneschteg | 18 | Wann den Hiélenter reisert da reiseren d'Drauwen och | |
| Freideg | 19 | Et as wéi wann een engem en Hodar duurch d'Strass géif zéien | |
| Samschdeg | 20 | Wou een Holz heet do falen och Spéin | |
| **Sonndeg** | **21** | Op der Häd as schlecht Wäd ! | **SUMMER um 16 Auer an 3 Min.** |
| Méindeg | 22 | Et as kammound wéi klengt Holz | Paul |
| Daaschteg | 23 | E mécht Holz aus alles | **NATIONALFEIERDAG vu LËTZEBUERG** |
| Mëttwoch | 24 | Gehaansdag hält d'Huewer Rot, op se gutt soll gin oder nit | **Gehaansdag** |
| Donneschteg | 25 | E gouf hannert d'Ho geschläft | |
| Freideg | 26 | E souz do wéi e Stéck Holz | |
| Samschdeg | 27 | E bleift op der Strooss a wann et géif Heegafele reenen | |
| **Sonndeg** | **28** | Holz an Hor dat déngt néng Jor | |
| Méindeg | 29 | Holz a Läd wuessen zu aller Zäit | **Péitrus a Paulus** |
| Daaschteg | 30 | AFZIELREIM : Inni, binni, dinni ! Kazefini ! roude Stëffchen ! Klenge Stëffchen ! Du bas aus. | |




MIEZEG - MESSANCY : D'Schlass - Le château (gestempelt an 1959)

ARELER LAND A SPROOCH

*WIEDERREGELEN*
*- Wann d'Hee kräischt (Juli)*
*Da laacht d'Huewer (August)*
*- Wann et op Margrittendag reent,*
*da gin d'Nëss falsch.*

DAGLÄNGT
de 5. - 15 Ston. a 46 Min.
de 26. - 15 Ston a 9 Min.

# 1998

# Juli - Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Déi eng iéssen d'Kiischten, déi aner kréien de Kuerf ugehaangen | |
| Donneschteg | 2 | Se hat Bake wéi Kiischten | **Mariaheimsuchung** |
| Freideg | 3 | Dee gesäit de Kléi wuessen | **Thommes (Apostel)** |
| Samschdeg | 4 | Et pléckt ee keng Kiischten op engem Dännebam | **Lisbeth** |
| **Sonndeg** | **5** | Wann s de e véierbliederegt Kléiblat fëns, dat bedeit Gléck | |
| Méindeg | 6 | Hie fréiss d'Kiischte mat de Stillen | **Maria Goretti** |
| Daaschteg | 7 | Mat groussen Hären as nit gutt Kiischten, iéssen | **Odil** |
| Mëttwoch | 8 | Et muss een nit gläich d'Kléppele bäi d'Tromm léen | |
| Donneschteg | 9 | Dat kraut kennen ech, sot der Däiwel, du huet e sech an d'Brennessele gesat | |
| Freideg | 10 | Vill Kuef gët wéineg Kären, sou as et dacks bäi groussen Hären | |
| Samschdeg | 11 | Et as kee Kraut fir hie gewuess | **H. Benoit - Patroun vun Europa** |
| **Sonndeg** | **12** | Kraut a Läd wuessen ongesinn | **Donatskiirmes zu Arel** |
| Méindeg | 13 | Mat Kléppele fänkt ee keng Vullen | **Eugène** |
| Daaschteg | 14 | En as esou domm wéi ee Kuerf | **NATIONALFEIERDAG A FRANKRÄICH** |
| Mëttwoch | 15 | Et as duurch de Kuerf gefall | |
| Donneschteg | 16 | Se war esou detsch wéi eng Quetsch ! | **Donatisbittgang (Arel)** |
| Freideg | 17 | Wann de Wann e Kuerf wär, da géinge mer Äer heeschen | |
| Samschdeg | 18 | Besser eng Kuuscht am Sak wéi eng Fieder um Hutt | |
| **Sonndeg** | **19** | Eng Kuuscht an e Pättchen ale Wäin, dat as gutt fir al Leit | |
| Méindeg | 20 | Hatt war ewech wéi eng Quetsch | **Margrittendag** |
| Daaschteg | 21 | Hie war blo wéi eng Quetsch | **NATIONALFEIERDAG AN DER BELSCH** |
| Mëttwoch | 22 | Quetschen och ! Dat gët jo näischt ! | **Madlän** |
| Donneschteg | 23 | Du muss nach vill Kuuschten iesse fir grouss ze gin | |
| Freideg | 24 | Du bas al genug fir deng Kuuscht ze verdéngen | |
| Samschdeg | 25 | E lääft mat enger Quetsch dorëmmer | **Jhaksdag** |
| **Sonndeg** | **26** | Do läit d'Kromm an der Heck | **Anna-Joachim** |
| Méindeg | 27 | Déi Zopp as nëmme Schluppes a kee Kruppes | |
| Daaschteg | 28 | Kuck an d'Luucht, 't gët Fruucht ! Kuck an d'Lanter, 't gët Wanter | |
| Mëttwoch | 29 | KANNERREIM : -Frächen aus dem Duerf, Wat huet dir am Kuerf ? | **Martha** |
| Donneschteg | 30 | - Eimchen aus der Stad, wat geheit iech dat ? | |
| Freideg | 31 | RÄTSEL : Wäiss wéi Schnéi, gréng wéi Kléi, rout wéi Blutt | **Ignace vu Loyola** |

Et schmaacht alle Kanner gutt ! Wat as et ? (d'Kiischt)




*WIEDERREGELEN*
*- En naast Jor as ëmmer e gefeelt Jor!*
*En dréchent Jor as ëmmer e gutt Jor!*
*- Wann et blëtzt, gesegente Pällem verbrennen an de Wësch ënnert den Daach stiéchen.*

DAGLÄNGT :
den 2. - 14 Ston. an 51 Min.
den 30. - 13 Ston. an 28 Min.

**1998**

STACKEM - STOCKEM : De Bur - La fontaine (ëm 1914)

# August - Huewermount
## Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Esoubal d'Beem aus dem Mudderbuedem erauswëllen, gi se futti | |
| **Sonndeg** | **2** | Et as em esou wuel wéi dem Mued am Apel | |
| Méindeg | 3 | Deen huet Muurten am Kapp (esou domm as en) | **Péiter** |
| Daaschteg | 4 | Muurte mussen eng deer aner zouruffen | **Curé d'Ars** |
| Mëttwoch | 5 | Mengt der ech wir mam leschte Wieder vun der Heck gefall ? | |
| Donneschteg | 6 | Vun de Muurte léiert ee gutt päifen | |
| Freideg | 7 | Deen as nëmme gutt fir Muurten ze trëppelen | **Jhuli** |
| Samschdeg | 8 | Vun de Muurte gët ee schéin (domm) | **Domenéck** |
| **Sonndeg** | **9** | En huet d'Oueren esou dreckeg et kéint ee Muurten dra séinen | |
| Méindeg | 10 | Wat an der Natur as dreift kee Wand ewech ! | **Lorenz** |
| Daaschteg | 11 | De Mutt nit verluer sou laang eng Kniddel am Dëppen as | **Klara** |
| Mëttwoch | 12 | Do as et groussarteg, si iessen d'Muurte mat de Forschetten | |
| Donneschteg | 13 | Eier dee Muurtentrëppeler domat fäerdeg as, as et ze spéit | |
| Freideg | 14 | De Krautwësch besteet vu Kar, Huewer, Wees, Batteralzem, Päifels, | |
| Samschdeg | 15 | Muurt, Donnerkraut ... am ganze kommen 36 Planzen drann ! | **Mariahimmelfaart** |
| **Sonndeg** | **16** | Eng Neelchesblumm an de Schong geluegt, da fällt een nit | |
| Méindeg | 17 | E knuet wéi eng Noss, kee Stach emsoss ! | |
| Daaschteg | 18 | Dat as eng haart Noss ze krécken ! | **Hëlen** |
| Mëttwoch | 19 | Wou Nëss sin do fanne sech Knëppelen | |
| Donneschteg | 20 | Dee geheit eng Noss no enger Ham ! | **Bernard** |
| Freideg | 21 | Dat Kand wiist wéi eng Noss an engem Schräin | |
| Samschdeg | 22 | Gudde Botter muss no Nëss schmaachen | **Marie-Reine** |
| **Sonndeg** | **23** | Dat huet eng Knupp wéi eng Noss op der Stir | **Rosa** |
| Méindeg | 24 | Dat wëllt sech bestueden an et kritt emol kee Brout opgeschnidden ! | |
| Daaschteg | 25 | Onkraut vergeet nit ! | **Bartholoméus** |
| Mëttwoch | 26 | Et huet e Gesiicht ewéi ee Pangkech | |
| Donneschteg | 27 | D'Kanner wuesse wéi d'Onkraut | |
| Freideg | 28 | Pangkech as Freideskascht | **Monnik** |
| Samschdeg | 29 | Dee sëtzt elo am Pangkech (Prisong) | **Augustin** |
| **Sonndeg** | **30** | De Freier krout de Pangkech gebak (gouf ausgewisen) | |
| Méindeg | 31 | KANNERREIM : Hari Bomm, schlou op d'Tromm ! Wann ech ruffen, da komm ! Wann ech Pangkech baken, da bleif do ! | |




*WIEDERREGELEN :*
*- De Grumm an d'Huewer déi de Méchel nach um Feld fënt, gesäit de Lucks och nach drop.*
*- Besser schlecht Wieder wéi guer keent!*

DAGLÄNGT :
de 6. - 13 Ston. a 5 Min.
de 27. - 11 Ston. a 55 Min.

# 1998

AREL - ARLON : D'Hôtel Beau-Site (gestempelt an 1913)

# September - Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | En éiss de Schokela mam Pabbeier ! | **Ejhid** |
| Mëttwoch | 2 | Aus engem Patt duerfen der keng Dose gin | **Ingrid** |
| Donneschteg | 3 | Wann dee nëmmen e Patt gesäit, as e scho voll | |
| Freideg | 4 | Wiirs de wou de Peffer wiist ! | **Rousel** |
| Samschdeg | 5 | Vum drénken huet deen eng Nues wéi eng Päerdsbir | |
| **Sonndeg** | **6** | Pällemdag, eng laang Mass an e kuurze Spaass ! | |
| Méindeg | 7 | Hatt muss bäi alles säi Pefferkäerche bäiléen | |
| Daaschteg | 8 | De Pabbeier as gedélleg | **Mariagebuurtsdag** |
| Mëttwoch | 9 | De Mond as em gaang wéi eng Peffermillen | |
| Donneschteg | 10 | Hatt as ëmmer do mat sénger Peffermillchen | |
| Freideg | 11 | Wat huet dat al gepeffert wéi ech mech ugestouss hun | |
| Samschdeg | 12 | A wann och Picken an Hägafele féilen, ech gin ! | |
| **Sonndeg** | **13** | Fir dëst Jor hu mir d'Äppel gepléckt ! Et si keng ! | |
| Méindeg | 14 | Dat war eng gepeffert Rechnong ! | **Hellegt Kräiz Erhéiong** |
| Daaschteg | 15 | E souz wéi op Picken an Dären ! | **Siwe Schmerze Maria** |
| Mëttwoch | 16 | Dee fiert eleng un de Plou | **Editha** |
| Donneschteg | 17 | Dat do as eng Plauschter op en hëlze Been | |
| Freideg | 18 | Deen huet vill ënnert dem Plou ! | |
| Samschdeg | 19 | Looss dat sin ! Dat as säi Plou ! | **Emmel** |
| **Sonndeg** | **20** | De beschte Plou mécht heiansdo eng kromm Fuer | |
| Méindeg | 21 | Du spaans d'Päerd hannert de Plou | **Mätt** |
| Daaschteg | 22 | Ech si senge Priédegten esou midd wéi de kalen Ierbessen ! | |
| Mëttwoch | 23 | Wat as dee Mënsch en domme Plou ! | **HIERSCHT : 7 Auer 37** |
| Donneschteg | 24 | Bréng mer e Putsch Gréngs fir an d'Zopp ! | |
| Freideg | 25 | D'Porette sollen am Stéck séch d'Hänn reechen | |
| Samschdeg | 26 | Wéi kann ee mat esou engem Poul schreiwen ! | |
| **Sonndeg** | **27** | Du hues méch mat dengem Schnapp geprafft ! | **Vincent-de-Paul** |
| Méindeg | 28 | SCHLOOFLIDD : Nana, kënnchen ! D'Mamma as no Lëntchen | **Wenceslas** |
| Daaschteg | 29 | De Pappa as an den Hiéselbësch | **Méchel - Gabriel - Raphaël** |
| Mëttwoch | 30 | E pléckt dem Kand eng Täsch voll Nëss, Nëssercher mat Kären<br>Am Himmel stin dräi Stären. Stin déi Stären am Himmel ? | |




SUES - SAMPONT : De Réimerwee «an der Hiélchen» - Route romaine
(gestempelt an 1910)


*WIEDERREGELEN:*
- *Dréchen Hëtzt am Hierscht as dem Bauer säi Verdross an dem Miseler séng Freed.*
- *Wann d'Laf frei fällt gët et e mëlle Wanter.*

DAGLÄNGT :
de 4. - 11 Ston. an 32 Min.
de 25. - 10 Ston. a 24 Min.

**1998**

# Oktober - Wäimount
## Gromperemount - Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Bäi dene gët et nit vill an de Raf ! | **Thérèse vu Lisieux** |
| Freideg | 2 | En huet e Gesiicht wéi eng Rabonsel ! | **Schutzengelfest** |
| Samschdeg | 3 | D'Welt as en Häknapp, wien am meeschten dru rappt, huet am meeschten | |
| **Sonndeg** | **4** | Maach déch awerséier ewech duurch d'Reiser | **Franziskus** |
| Méindeg | 5 | En huet d'Kläd an d'Brennessele geworf | |
| Daaschteg | 6 | D'Drauwen hun ee Räsbengel kritt | |
| Mëttwoch | 7 | Breng d'Ax, et as ee Raup am Gaart ! | **Muttergottesrousekranz** |
| Donneschteg | 8 | Bäi de Grompere rechent ee véier Sieschter op den Zenner | |
| Freideg | 9 | Deen huet e Réck wéi eng Kellerdir ! | **Denis** |
| Samschdeg | 10 | Et mengt een et hätt e Biesemstill am Réck | |
| **Sonndeg** | **11** | Ech hun de Réck wéi vun de Gromperen iéssen | |
| Méindeg | 12 | Hei geet et der Rei no, wéi bäi der Äppelfra | |
| Daaschteg | 13 | Et as esou stëll dass kee Blat sech réiert | **Aureli** |
| Mëttwoch | 14 | Schwaarze geschappte Réideg a Brantewäin as gutt fir Mo a Liéwer | |
| Donneschteg | 15 | Wat wiéls de ? Eng Biren Taart mat Reilen | **Thérèse vun Avilla** |
| Freideg | 16 | E war ganz geréiert wéi en Dëppe Quetschegebääss | E |
| Samschdeg | 17 | kann d'Beem mat de Wuurzele räissen | |
| **Sonndeg** | **18** | D'Blieder reisen, 't as de Reismount | **Luksdag** |
| Méindeg | 19 | Du hues déch gerëscht wéi d'Uebst vun de Beem | |
| Daaschteg | 20 | Eng Dëschtel hëlt op d'manst zwou Raapsen ewech | |
| Mëttwoch | 21 | Am Bësch reent et zweemol ! | **Ursula** |
| Donneschteg | 22 | Vun de Réiben an der Zalot, falen engem d'Huesebendelen erof | |
| Freideg | 23 | En huet Oueren, et kéint een Ribbes om dra séinen | |
| Samschdeg | 24 | Dee kann iwert eng gebeemt Rommel, aus purer Dommheet, laachen | |
| **Sonndeg** | **25** | Kënns de gläich ? Gewëss, soss wir ech schlechter wéi Ribbesom ! | |
| Méindeg | 26 | Et richt och nach ni no Vioulen hei ! | **Amand** |
| Daaschteg | 27 | Kanner, Holz a Stolz, wiist Nuecht an Dag ! | **Emeline** |
| Mëttwoch | 28 | RÄTZEL : Et wiist nit am Bësch | **Simon** |
| | | Et wiisst nit baussent dem Bësch | |
| Donneschteg | 29 | Wou wiisst et dann ? ... Um Räz ! | |
| Freideg | 30 | SCHOUSSLIDD : Rabbe - dabbe - dapp, de Papp as koum | |
| | | Rabbe - dabbe - dapp, wat huet e bruecht ? | |
| Samschdeg | 31 | Rabbe - dabbe - dapp, e Sak voll Prommen | |
| | | Rabbe - dabbe - dapp, esou déck wéi Bommen | |




ÉIBENG - AUBANGE : D'Brouwerei - La Brasserie (gestempelt an 1927)

*WIEDERREGELEN*
*- November naass, gët vill Graass!*
*- Vill Reen a wéineg Schnéi*
*deet de Bäm a Sote wéi.*

DAGLÄNGT
den 1. - 10 Ston. an 2 Min.
den 29. - 8 Ston. an 52 Min.

**1998**

# November - Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | Dat as e Meedche wéi eng Rous | **ALLERHELLEGENDAG** |
| Méindeg | 2 | Hie sëtzt och alt nët op de Rousen ! | **ALLERSEILENDAG** |
| Daaschteg | 3 | E gouf esou rout wéi eng Kiischt | **Hubertus** |
| Mëttwoch | 4 | Wann de Ruecht verkéiert um Dësch läit, as d'Fra Meeschter am Haus | |
| Donneschteg | 5 | Bäi hinne läit de Ruecht ëmmer um Dësch | **Lisbett - Zacharias** |
| Freideg | 6 | Wann d'Mamm de Ruecht opschneit, mécht se d'Kräiz deriwwer | |
| Samschdeg | 7 | Wie stëppele wëllt, fënt iwerall eng Ritchen | **Ernest** |
| **Sonndeg** | **8** | Deen as nach gutt fir e Broutruecht an der Riicht ze halen | |
| Méindeg | 9 | Rued mécht dem Bauer kee Schued mee kal Féiss um Maart | |
| Daaschteg | 10 | En huet sech selwer eng Ritche geschnidden an as dermat gebeetscht gin | |
| Mëttwoch | 11 | Seng Saach as kabes ! | **ARMISTICE 1918 - Määrtesdag** |
| Donneschteg | 12 | Maach de Bam nit aus, waart emol bis d'zweet Saaft kënnt | |
| Freideg | 13 | Ech hun et gezwibelt, du souz et op engem Schalottekoup | |
| Samschdeg | 14 | E séngt wéi eng Kaz am Karschnatz | |
| **Sonndeg** | **15** | En huet jo keng Saaft a keng Kraaft | **Albert** |
| Méindeg | 16 | Salz a Brout mécht d'Bake rout | **Margréitendag** |
| Daaschteg | 17 | Dat brécht sech eng béis Rutt | **Elisabeth vun Ungarn** |
| Mëttwoch | 18 | Mir hu sat Geméis fir äis gezillt | **Pétrus a Paulus** |
| Donneschteg | 19 | Elo muss en an de saueren Apel bäissen | **Mechtilde** |
| Freideg | 20 | Gréingt Holz schafft ! | **Edmond** |
| Samschdeg | 21 | Déi eng gin emfaang mat Klackeknäll, aner mat der hëlze Schell | |
| **Sonndeg** | **22** | D'Brout war haart ewéi eng Schank | **Cäciliendag** |
| Méindeg | 23 | Hatt séngt wéi wann ee mat enger Moul op ee Stack géif schloen | |
| Daaschteg | 24 | Wat as dee geschoss ! Et as eppes wéi en Happstaang ! | |
| Mëttwoch | 25 | Schaum as kee Béier | **Kathrinendag** |
| Donneschteg | 26 | En as do wéi d'Schär am Bräidëppen | **Delphine** |
| Freideg | 27 | RÄTSELEN : Wat steet ronderëm d'Haus a brennt nët ? (D'Brennesel) | |
| Samschdeg | 28 | Et geheit een et rout an d'Waasser an et kënnt schwaarz erëm<br>Wat as et ? (E gliddege kuel) | |
| **Sonndeg** | **29** | AFZIELLIDD :Réngel, réngel , de Réischen ! D'Graass wiist an der Stad | |
| Méindeg | 30 | Doudendanz, Fidelwanz, Zekla mira, schlag ab ! | **Andersdag** |




AREL - ARLON : D'Kiirch vum Hellegen Häerz Jesu - Eglise du Sacré-Coeur
(gestempelt an 1909)

ARELER LAND A SPROOCH

*WIEDERREGELEN :*
*- Kënnt am Wanter keng Keelt, dann as et gefeelt !*
*- Fält den éischte Schnei an den Dreck, dann as de Wanter e Geck !*

DAGLÄNGT :
de 6. - 8 Ston. an 41 Min.
de 27. - 8 Ston. an 32 Min.

# 1998

# Dézember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Dee schéisst sech d'Gréiwe vun de Gromperen | **Eloi** |
| Mëttwoch | 2 | Déi kleng Äppel sin déi Bescht wa mer keng deck méi hun | |
| Donneschteg | 3 | En huet Schëllere wéi Millesäck ! | **François Xavier** |
| Freideg | 4 | Bäi äis war Schëpp an Häl all Dag Tromp ! | |
| Samschdeg | 5 | Deen do, deen as am Schiet gebäämt ! | |
| **Sonndeg** | **6** | Déi geschielt Grompere kucken nach | **Nekloosdag** |
| Méindeg | 7 | Fir de Wanter goufe Muurten, Gromperen a Kabes an de Schlag geluegt | |
| Daaschteg | 8 | Schlechten Deesem, schlecht Brout ! | **Onbefleckte Emfangnis Maria** |
| Mëttwoch | 9 | Jonge schafft datt d'Schläissen ewegfueren ! | |
| Donneschteg | 10 | Mir schlécke wéi e gepannt Päerd de Kléi | |
| Freideg | 11 | Et soll een nom éischte Frascht Schléiwe klappe goen | |
| Samschdeg | 12 | Dat as blo wéi eng Schléif ! | **Jeanne de Chantal** |
| **Sonndeg** | **13** | Do gouf et Schluppes a kee Kruppes | **Odila** |
| Méindeg | 14 | E sëtzt do wéi en Hunn um Fruuchtekast | |
| Daaschteg | 15 | En as esou schlecht wéi Galgenholz ! | **Luziasdag** |
| Mëttwoch | 16 | En hätt gären eng Schmier mat dueble Suelen | **Adelheet** |
| Donneschteg | 17 | Un enger decker Schmier as nach keen erhéngert | |
| Freideg | 18 | Wat maachen ech op méng Schmier ? Lée den Domm drop ! | |
| Samschdeg | 19 | Dat Holz brennt wéi Schnauf ! | **Abraham - Isaac - Jacob** |
| **Sonndeg** | **20** | Vun Honger rafe se Schonglammelen op a fänken Holzäppel | |
| Méindeg | 21 | Hätte se Schnëppen, se kritte wuel Zopp ! | **WANTER um 2 Auer 56** |
| Daaschteg | 22 | Wou Siwebam steet, gët keen Uebst | |
| Mëttwoch | 23 | Iesche vum Chrëschtbrand an d'Feld gestreet, verhidden d'Maisegefriess | |
| Donneschteg | 24 | D'Gromperen hun ewell laang Schwänz | Irma |
| Freideg | 25 | Et as kee Bur esou klor, en dréift eemol d'Jor | Krëschtdag |
| Samschdeg | 26 | Et as e fett Jor, sot d'Maus, du huet se un enger Specksäit gefriess | Steffesdag |
| **Sonndeg** | **27** | Se iessen nach aus enger Schossel ! | Helleg Famill |
| Méindeg | 28 | D'Jore gin an den Äfalt bleift ! | Onschëlleg Kanner |
| Daaschteg | 29 | ZIELREIM : ABC ! D'Maus leeft an d'Stréi<br>D'Kaz leeft no ... Et war keng Maus méi do ! | |
| Mëttwoch | 30 | KANNERREIM: Néckel a Klos, déi gin op d'Strooss<br>Uedem an Eiv, déi schreiwen e Bréif | |
| Donneschteg | 31 | Kou an Iesel kënnen nët liesen ! | **Sylversterowend** |